N°936
Entrée le 13.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 936 vum 26. Juni 2024 vum Här Deputéierten Ben Polidori.**

*Fro 1: Wéi vill Accidenter goufen et op der A7 pro Joer bevir d'Radaren installéiert gi sinn a wéi vill Accidenter waren et no der Installatioun vun de Radaren?*

Follgend eng Oplëschtung vun deenen eis virleiende Statistiken zu Accidenter op der A7, opgeschlëssselt op d'Joren 2017-2023. Et sief drop higewisen datt d'Streckeradaren eréischt am Mäerz 2023 an déi repressiv Phas iwwergaang sinn.

2017: 2 Accidenter mat liicht Blesséierten
2018: /
2019: 1 Accident mat schwéier Blesséierten an 2 Accidenter mat liicht Blesséierten
2020: 1 déidlechen Accident an 1 Accident mat liicht Blesséierten
2021: 1 Accident mat liicht Blesséierten
2022: /
2023: 1 Accident mat schwéier Blesséierten an 1 Accident mat liicht Blesséierten

*Fro 2: Wéi vill Protokoller goufen zënter der Afféierung vun de Radaren ausgestallt, gestaffelt no de Kategorien bis 95 km/h, 95-100 km/h, 100-110 km/h, 110-130 km/h an iwwert 130 km/h?*

Zënter der Aféierung vun de Streckeradare gouf déi follgend Unzuel un Infraktioune vun deene verschiddene Radaren an den Tunnellen op der Autobunn A7 vun der groussherzoglecher Police festgestallt:

| **Kilometer an der Stonn** | **Unzuel un Infraktiounen** |
|---|---|
| <96 | 48495 |
| 96 - 100 | 10691 |
| 101 - 110 | 4633 |
| 111 - 130 | 1611 |
| >130 | 205 |
| **Total:** | **65635** |

*Fro 3: Wéi vill Prozent vun de geblëtzten Autoe waren hei zu Lëtzebuerg immatrikuléiert a wéi vill dovu waren am Ausland ugemellt?*

68 % vun de Gefierer vun de festgestallten Infraktioune waren zu Lëtzebuerg an 32 % am Ausland immatrikuléiert.

*Fro 4: Ginn déi erlaabten Héchstgeschwindegkeet bei de Radaren an den Tunnellen automatesch ugepasst, wann déi erlaabte Vitess an den Tunnelle vun offizieller Säit, zum Beispill op 70 wéinst engem Stau, Chantier oder Accident, erofgesat ginn?*

Jo, am Fall wou déi maximal erlaabte Geschwindegkeet op 70 Kilometer an der Stonn reduzéiert gëtt, ginn och d'Streckeradaren automatesch dëser neier Limitt ugepasst.

Lëtzebuerg, den 13. August 2024.

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes